

**Message du Premier ministre, ministre d'État,  
Xavier Bettel, à l'occasion de la fête nationale 2019**

Dir Dammen an Dir Hären,

Léif Matbierger,

Eise Nationalfeierdag, dee mir muer um 23. Juni zesumme feiere ass den Dag vun eiser Geschicht, et ass den Dag vun deem wat eis ausmécht a wat eis matenee verbënnt. Mir feieren eis Onofhängegkeet, eis Eeegestännegkeet an eis Stäerkt als Land an der Mëtt vun Europa.

Mir weisen eis Verbonnenheet mat deenen, déi virun eis do waren a sech agesat hunn fir déi Wäerter, déi eis wichteg sinn. Mir sinn dankbar fir hiren Engagement an hire Courage an enger Zäit, wou näischt selbstverständlech an alles a Gefor war.

Et ass muer awer och den Dag, wou mer iwuer eis selwer nodenken an no vir kucken. Wat sinn d'Erausforderungen a wéi kënne mer sécher stellen, dass och an Zukunft Fräiheet, Sécherheet, Wuelstand a Liewensqualität garantéiert ass?

Déi nei Technologien hunn e groussen Afloss op eis Gesellschaft, op eist Liewen, op d'Aart a Weis, wéi mer schaffen a wéi mer mateneen kommunizéieren. D'Welt ass méi enk uneneen geréckelt an déi politesch an ekonomesch Verhältnisser hu sech verännert.

Mir stinn ouni Zweifel viru groussen Erausforderungen. Mir hunn awer och déi beschten Ausgangsbasis fir och déi Défien kënne unzegoen an ze meeschteren. Lëtzebuerg ass wirtschaftlech gutt opgestallt, déi ëffentlech Finanzen si gesond, eise Sozialsystem ass staark a mir gehéieren zu deene Länner, déi d'Nues fir hunn, grad an deene Beräicher, déi ëmmer méi wichteg ginn.

Mir kënne deemno mat grousser Zouversicht no vir kucken an dee Wee weider goen, dee mer ageschloen hunn.

Dat gëllt net fir ee bestëmmten Beräich. Wann et em d'Zukunft vun eisem Planéit geet, musse mer eis Astellung a Fro stellen.

Déi jonk Leit, déi an de leschte Méint op d'Strooss gaange sinn, hu Recht, wa se drop opmierksam maachen, dass de Klimachangement déi wierklech grouss Aufgab vun eiser Zäit ass. Et ass net jhust eng Alarmanlaag, wou mer op de Kneppchen drécken fir se aus ze maachen an da kënne mer nees berouegt schlofe goen.

Deen Alarm leeft aus enger Ursaach a mir mussen agéieren. D'Regierung hëllt dat ganz eescht a Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi grouss Efforte maachen an ambitiéis virginn, wann en dorëms geet déi schiedlech Emissiounen ze reduzéieren.

Virun allem awer musse mer op internationalem Plang nach méi aktiv ginn - an och do Alarm schloen. Mir kënne déi global Klimakris nëmme global meeschteren a Lëtzebuerg war, ass a bleift eng vun deene Stëmmen, déi haart no méi Ambitioun fret. Mat eisen europäeschen Partner musse mer den Drock héich halen an och weider erhéijen fir déi Länner ze beweegen, déi an dëser Fro méi Retizienz weisen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Erlaabt mer haut och un eise Grand-Duc Jean ze erënneren, deen eis op Ouschterméindeg fir ëmmer verlooss huet. Hien war e Mënsch, un deem mer eis konnten orientéieren. Seng Disziplin, Bestännegkeet, säi Courage a seng Loyautéit zu deene Wäerter, déi eis matenee verbannen, maachen hien zu engem wierkleche Virbild.

Mir vermëssen de Grand-Duc Jean an dee Verloscht wäert eis nach laang begleeden. Gläichzäiteg huet hien eis eng Verantwortung iwwerlooss an et ass un eis fir sech haut derfir anzesetzen, dass Solidaritéit, Toleranz, Respekt vis-à-vis vu Mënsch an Natur och weiderhin zu Lëtzebuerg Bëstand hunn.

Et ass eis Aufgab, dass mer eis wieren géint all Form vun Extremismus, dass mer net vergiessen, wou mer hierkommen an wou mer hiwëllen.

Cher concitoyens,

La richesse de notre pays ne se mesure pas uniquement en termes économiques – au contraire : Elle dépasse même le patrimoine historique, culturel et naturel – aussi vaste qu’il soit. La richesse du Luxembourg réside dans l’ouverture de notre société; Dans le fait que nous sommes un pays généreux, multilingue, cosmopolite et inclusif.

Notre capital, notre force, c’est chaque femme, chaque homme résidant ou travaillant au Luxembourg. Avec son identité, son expérience et son mode de vivre, chaque citoyen - comme une pièce de puzzle – apporte sa valeur à l’ensemble. Chacun a son rôle à jouer. Et ensemble nous formons une image complète.

Ech wënschen lech a mengem perséinlechen Numm an am Numm vun der Regierung e schéinen Nationalfeierdag a vill schéi Momenter mat deene Mënschen, déi lech wichteg sinn.

Vive eise Grand-Duc, vive eis Grande-Duchesse an Vive eist Land.